N°4007
Entrée le 28.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4007 vum 29. Abrëll 2026 vum Här Deputéierte Michel Lemaire.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro no Informatiounen zu den Etüden am Zesummenhang mat der Ëmgeeungsstrooss Ettelbréck, méi spezifesch zur Geologie vum Ënnergrond an den Auswierkungen op d'Sécherheet vum Tunnel, deen am Kader vun dësem Stroossebauprojet realiséiert gëtt.

*Fro 1: Wéi eng Etüde goufen am Kader vun dësem Stroossebauprojet zu der Volatilitéit vum Buedem an d'Auswierkung op d'Sécherheet vum Tunnel selwer sou wéi d'Ëmgéigend virgeholl an zu wéi enge Conclusioune sinn dës Etüde komm?*

Zum aktuellen Zäitpunkt goufen am Kader vun dësem Stroossebauprojet nach keng detailléiert Etüden zu der geologescher Beschafenheet vum Ënnergrond duerchgefouert. Deementspriechend kënnen och nach keng Aussoen iwwert méiglech Auswierkungen duerch de Bau vum Tunnel op d'Ëmgéigend gemaach ginn.

De Projet stécht a Moment nach an enger fréier Planungsphas. Déi néideg technesch, geologesch an hydrogeologesch Etüde wäerten am Laf vun de weidere Planungsphasen en integrale Bestanddeel vum Projet duerstellen an do am Detail analyséiert ginn.

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes